

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Abrëll 2020

Fro: Corona-Immunitéitstestertester a Roll vun der TNS-ILRES

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, **den dréngleche Charakter** (Art. 84) vun dëser parlamentarescher Fro unzëerkennen a si un den Här Staatsminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

E privat Meenungsfuerschungsinstitut soll elo déi Leit „bestëmmen“, dat heescht also obligatoresch designéieren, déi bei der Corona-Querschnittsetüd getest ginn (Quell: LW 9.4.20). De Gesondheetsministère schreift, datt d'TNS-ILRES e „*partenaire associé*“ vun dëser Etüd soll sinn.

An deem Zesammenhank wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Firwat an no wéi enge Critère gouf d'TNS-ILRES als „partenaire associé“ fir dës Etüd eraus gesicht? Wat si genee d'Aufgabe vun der TNS-ILRES?
2. Gëtt d'TNS-ILRES dofir bezuelt, fir hir Datebanken zur Verfügung ze stellen? Gouf et eng öffentlech Ausschreiwung oder e spezielle Marché fir ë „partenaire associé“ eraus ze sichen? Wéi eng Prozedure sinn hei applizéiert ginn?
3. Firwat ginn net staatlech Datebanke geholl, fir Leit eraus ze sichen? Oder kritt d'TNS-ILRES Zougrëff op staatlech Datebanken am Kontext vun dëser Etüd? Wéi eng zousätzlech Donnéeën iwwer d'Leit kritt d'TNS-ILRES duerch hir Participatioun bei dëser Etüd? Ka si déi Donnéeë behalen a weider traitéieren?
4. Firwat ginn d'Leit net vum Gesondheetsministère eraus gesicht a gefrot, fir matzemaachen, mat alle Garantie vum „secret médical“ ?
5. Wéi eng Rechter hunn déi Leit, déi vun der TNS-ILRES „bestëmmt“ ginn? Wéi gëtt hir Privatsphär respektéiert? Wéi eng Reegele gëlle fir den Dateschutz? Sinn all Dispositiounen vum Dateschutzgesetz respektéiert, besonnesch och, wat d'net autoriséiert Deelee vu geheimen, perséinlechen Informatiounen mat Drëttpersonen ugeet?
6. Kann ee seng Participatioun refuséieren?
7. Kënnen d'Leit d'TNS-ILRES opfuerderen, all Donnéeën, déi déi Firma iwwert si huet, aus hire Fichieren ze sträichen? Wéi ass do d'Prozedur?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten